

Bd. N° 56.

# D'Madame Dicks

E Spâss  
an zwe'n Akten

vum

Jos. SEVENIG.

All Rèchter virbehâlen



Letzeburg — 1922  
Drock a Verlag vum P. Worré-Mertens  
J. P. Worré, Nofolger.



D'Perso'n'en:

1. D'Joffer Eulalie Cornichong, Perso'n vun c. 50 Johr.
2. D'Madame Pe'terse'leg, onggef'e'r 40 Johr al.
3. D'Josier Fina Pe'terse'leg, 17 Johr al.
4. D'Sophie Schwiéwelspo'n, Mod bei der Joffer Eulalie (18 Johr);
5. D'Anna Schwiéwelspo'n, dem Sophie seng Schwester (17 Johr), Mod bei der Madame Pe'terse'leg.

Den e'schten Akt spiltt an der Joffer Eulalie, den zwèten a Pe'terse'legs hirer Stuif.

Zeit: 20. Johrhonnert.

Bem. Rechts a lénks vum Publikum.



## I. Akt.

*An der Joffer Eulalie hirer Stuif. Eng Dir rechts an eng lénks. Am Fong e Büffet, an der Mött en Dösch, ronderem etlech Still. Un de Wänn Biller,*

### 1. Zén.

*D'Sophie, e weiss Schírtech un an eng weiss Haifchen om Kapp, fir 't e'scht eleng; hanneno könnnt d'Anna. Während de Rideau opgét schle't d'Auer zwo'.*

*Sophie:* Dât ass zwo' Auer. 'T ass drop an drun, dat onst Anna könnnt. Dât dommt Stéck wollt bei de Mészter an d'Frankreich goen. Fir sech do ze kreizegen an ze gehieen an hanneno neischt ze hun. (*T lauschtet.*) Méng Mamm dât ass och eng al Tôtz. Sie hätt d'aremt Kand alt ro'eg goe gelöss, wann *ech* net gesot hätt: Nèn, ech sichen em eng Plätz hei zu Letzebürg. Maia. Et ass jo fein eso'. Elo si mer sche' beiénèn. Ech hei bei der Joffer Eulalie an hatt am Haus derniéwent, beim Hèr Pe'ter. (*T gölt geschellt.*) Dât ass et. Nu vif! (*T leift em entge'nt.*) *An der Dir treffen se sech. Se emärbelen a kössen sech.* Bass de do, Anna? O, we' fro' sin ech dach, dass de komm bass!

*Anna:* Gelt, Sophie. (*Setzt d'Valise op de Buudem, de Prabé' an den Eck a behält den Hutt op.*) Dèn dommen Zug ass net viru kommen, soss wär ech ewell zénter enger gudder Ve'erelstonn hei.

*Sophie (gét em et erem):* We' gét et dann, Anna? Wát mécht de Papp? (*Lächt.*) Schmächt d'Peif em nach ömmer? An d'Mamm? An onse Néckel an de Pir vum Dicks?

*Anna:* Se schécken der all e sche'ne Bonjour.

*Sophie:* De Pir och? — Dèn ale Geck.

*Anna:* Ech hun en net ze gesi krit. (*Luos zum Publikum.*)  
Wann et et wösst.

*Sophie:* Gelt, du mengs ömmer, mir könnten ons net bestuoden. Hè wär emol e'schtens ze al ...

*Anna:* An zwètens de rechte Koséng. (*Luos.*) De Bre'f vum Pir kritt et muor.

*Sophie:* A wat! De Koséng! Dât me'ch mer nawell neischt aus, wann en aus Klibberso'ss hirem Haus erausble'f.

*Anna:* Do kritt en de Kapp ganz verdre't. A wêss de wât, Sophie? Hè schwätzt dir sche'n, an hanneno bestuod en sech mamm So's. Dât ass eso' sécher we' Amen am Gebiéed. Da gött hatt d'Madame vum Dicks.

*Sophie (verdross):* Bong! En ass jo dach nömmen en halwen, èn Zwadder, we' méng Mamm sét, an hatt ass dackseg. Dât gött e sche'nt Puor. — Ech schwätzte net me' vun em.

*Anna (luos):* Bis no fönnef Minuten. (*Hârt.*) So, Sophie, we' gefällt et dir dann hei?

*Sophie:* Mais, fein. — Hei gin ech ganz gebildt.

*Anna:* O'!

*Sophie:* Jo. — D'Joffer, de' ka sangen an ...

*Anna:* Se wèrd wuol haulen; duorfir hêschte se Heulalie. (*Se lâchen allen zwè.*)

*Sophie:* A franzesesch schwätzten.

*Anna:* Da le'ers du jo alles hei. Ech hun zu Esch weider neischt gele'ert ewe' d'Strôss kehren.

*Sophie:* An d'Hâptsâch ass, se bezuolt en ordentleche Lo'hn.  
La Münz, die Freude.

*Anna:* La Rubbel, die Sto'sskar.

*Sophie:* Le Hirék, der Durscht (*Eng Dre'uorgel oder e Klav'e'r spillt e Walzer.*)

*Anna:* La Fatz, die Spulllomp.

*Anna:* Le Quinquet, die Gebrechlichkeit. Lauschter ...

*Anna:* Eng Dre'uorgel. Dât ass de Walzerkinék.

*Sophie:* Geseis de, Anna. Wât ass hei e Liéwen. — Nu gött et Zeit, dass de iwer gêss. Hei ass déng Valise, dei Parable'. (*Se lûsse lénks aus.*) Kuck do, de' gro'ss, dât ass méng Joffer.

*Anna (luos):* Ass dât d'Joffer Heulalie?

*Sophie:* Maia. An de' aner, dât ass d'Joffer Fina, dénger neier Madame hir Joffer.

*Anna (lásst):* Se kommen eran. Hûrteg eweg. (*Allzwè rechis af.*)

## 2. Zén.

*Vu lénks könnnt d'Joffer E ulal ie, mo'desch a fârweg gekl  dt, e Br  ll op der Nuos, eng Zeitschr  ft an der Hand an d'Joffer Fina, flott gekl  dt, en Hutt om Kapp, e Fussball an den H  nn.*

*J. Fina (l  t de Fussball op den D  sch):* Joffer Eulalie, ech l  n de Ball h  r, da k  nnnt dir en hanneno an engem Schaf versuorgen.

*J. Eulalie:* Mais, Joffer Fina. Ech verstinn i  ch net.

*J. Fina (h  rt):* Ech l  n de Ball h  r op den D  sch.

*J. Eulalie:* C'est bien! — Ech hun i  ch he'eren. Mais ech kann net recht de Motif saise'eren, d  n i  ch engage'ert, fir de Ball hei ze depone'eren.

*J. Fina:* Méng Mamm wêss net, dat ech am Klub «Rull déng Bull» sin an wann se he'ere ge'f, dat se mech nach Sekret  r gewi  lt hun, da krit ech den Ducksal gest  pst.

*J. Eulalie:* Prends un si  ge, Cinna. Setzt i  ch h  r, Fina. — Ignore'ert d'Madame Pe'terse'leg d  t?

*J. Fina:* Virläfeg.

*J. Eulalie:* Gl  ft dir net, Joffer Fina, dat d  t mir Difficul-te'ten occasionne'ree k  nnnt, wa spe'der d'Madame Pe'terse'leg erfuore ge'f, dat ech gehollef h  tt, se ze trompe'eren?

*J. Fina:* Ech huolen alles iwert mech. — Nun eng aner Sâch. Mir sin am Klub zu 8 Mitglieder. De' soll ech fir e Sonndeg zesummeruffen, dat de Ball probe'ert gött.

*J. Eulalie:* Eh bien?

- J. *Fina*: Soll ech hire Bre'f op franze'sesch schreiwen oder op deitsch?
- J. *Eulalie*: Op franse'sesch ge'i ech conseille'eren, an der sche'ner Spröch vum Racine a vum Corneille. Mais ech férten, de' aner verstin dât net suffisamment.
- J. *Fina*: Dann op deitsch.
- J. *Eulalie*: Op deitsch? Mais all valet de chambre an all bonne schreift hei am Land op deitsch.
- J. *Fina*: Net op franze'sesch an och net op deitsch? Danna ass mei Latein um Enn.
- J. *Eulalie*: Schreift letzebürgesch, an der Spröch vum Dicks a vum Lentz.
- J. *Fina*: Bong!
- J. *Eulalie*: Bong! Eso' son d'Stèmetzer an d'Plafonne'er. 'T sét èn: ganz gudd.
- J. *Fina*: Da schreiwe mer eso': Mer bee'eren ons, iéch . . .
- J. *Eulalie*: De' Tournüre «Mer bee'eren ons» ass net letzebürgesch. Eng Invitatio'n muss kürz sin an original. Zwe' Sätz. Fèrdig. — Schreift eso': (*D'Fina note'ert*) «E Sonndeg no der Vesper Ball. Net félen. Gudd Schong undunn. Vivat d'Frèd. A Punkt; O Punkt. Dât héscht «am Opdrâg vun der Präsidentin». S Punkt «Schriftführerin.» Nu liést et deitlech a luos vir.
- J. *Fina* (liést): E Sonndeg no der Vesper Ball. Net félen. Gudd Schong undunn. Vivat d'Frèd. A. O. S. (*Stèt op.*) Merci, Joffer Eulalie. Elo ass mer e Stè vum Hiérz eraf. Entschöllegt, wann ech hûrteg hèm lafen . . .
- J. *Eulalie*: An da manque'ert net, mat der Madame Pe'ter se'leg erem ze komme bei den Te'.
- J. *Fina*: Ech wèrd net félen. Mais ech gesing ons nei Mod dach gèr. Au revoir. (*Fort no rechts.*)
- J. *Eulalie*: Eng gudd Mod an e gudde Rod, de' man e gudde Stod. (*Rifft.*) Sophie. (*D'Sophie dobaussen:* Ech kommen.)

### 3. Zén.

*D'Joffer Eulalie. — D'Sophie könnt vu rechts eran.*  
J. *Eulalie*: Sophie, mei Kand, elo bass de åcht Dég hei.

- Sophie: Dât stömmt.
- J. *Eulalie*: Du muss soen: Dât stömmt, Joffer.
- Sophie: Dât stömmt, Joffer.
- J. *Eulalie*: Haut kre'e mer de' e'scht Visite zénter dass de hei bass. Da muss de dei Pro'fstéck gudd mâchen.
- Sophie: Ech hoffen.
- J. *Eulalie*: Du muss soen: Ech hoffen, Joffer.
- Sophie: Ech hoffen, Joffer.
- J. *Eulalie*: Fir 't e'scht muss de den Dösch sche'n arrange'eren, an hanneno mat Chic zerve'eren.
- Sophie: 'T wèrd schons klappen.
- J. *Eulalie*: Du muss soen: 'T wèrd schons klappen, Joffer.
- Sophie: 'T wèrd schons klappen, Joffer.
- J. *Eulalie*: Ech hoffen och, mei Kand. — Pardon, du huos dach d'Wässer fir den Te' opgesat?
- Sophie: 'T kacht ewell.
- J. *Eulalie*: Du muss soen: 'T kacht ewell, Joffer.
- Sophie: D'Joffer kacht ewell. — Ech wollt soen: Kacht d'Joffer ewell? — Nu jé: Kacht ewell d'Joffer?
- J. *Eulalie*: 'T ass gudd, mei Kand. — Ge' d'Döschtape't, d'Kaffistape't, de' geblummelecht, direkt sichen. (*D'Sophie gët rechts aus. — Fir sech.*) Eigentlech breicht è fir d'Pe'terse'legs net vill Fisematenten ze mâchen, well se kennt vu guddem To'n onggefè'er eso' vill we' en Hond vun enger Ne'maschin. (*D'Sophie könnt erem mat enger Tape't. Se léen se zesummen op.*) Sie ass vun engem Bauer-Haff, dât sét genug. An hèn, hire Professer vun der deitscher Spröch, ass we' mat engem Bleil geklappt. Sophie, bréng d'Tasen an d'Telleren, an d'Léffelcher an d'Messerien. (*'T geschitt.*) So', — eng, zwo' drei Tasen. Setz d'Telleren derniéwent an d'Souscoupen drönner. (*D'Sophie setzt d'Souscoupen önnert den Dösch, a mécht alles parat.*) — Wât soll è mat er schwätzen?
- Sophie: Mat mir?
- J. *Eulalie*: Nèn. Mat der Madame Pe'terse'leg?
- Sophie: D'Madame Pe'ter ass jo nach net se'leg. Se liëft jo nach.

J. Eulalie: Du topegt Kand. Se schreift sech jo net Pe'ter.  
Hire Numm ass Pe'terse'leg.

Sophie: Aha, dât ass eng aner Gei. — Ech hât zu onsem Anna gesot, hire Numm wär Pe'ter.

J. Eulalie: Wât soll ech mat er schwätzen? — Vun den deitschen a franzes'seschen Autoren?

Sophie (begèschtert): Jo, vun den Autoen. Dât ass och ménges. Ech wollt, ech könnt de ganzen Dâg Auto fuoren.

J. Eulalie: Wât wêss dê Bleil vum Schiller? — He'chstens dât e'wegt «Lied von der Glocke». Vum Göthe? Neischt. Vum Racine? Rien. Vum Dicks? Glad neischt.

Sophie: Dât ass mein, ègentlech ménger Mamm hire rechte Koséng, de Pir vum Dicks. Mais e feinen Typ, e bössche kleng.

J. Eulalie: Nu bréng nach e Bouquet mat Blummien op den Dösch, Ech ginn an dér Zeit méng Blouse change'eren an den Te' opschödden. An enger Ve'erelstonn sin se hei.

Sophie: Wèn?

J. Eulalie: D'Madame Pe'terse'leg an hir Duochter Fina. (Rechts af.)

Sophie (eleng): 'T ass mer eso' quatschereg! Sie wêss emol net wât se soll schwätzen. Wât soll ech, aremen Dûscht, da soen? D'Joffer kennt den Dicks iéwer och. 'T scheint all Fraleid vum Land kennen dê Kiérel. E ka mer am hellen Do gestuole gin. (Höllt d'Blumme vum Buffet eriwer op den Dösch.)

J. Eulalie (könnnt erem an enger heller Blouse. Se ste'sst widder eng Souscoupe): A wât stèt dann do? Ass dât en Teller? We' ko'm dèn duor?

Sophie: Der hât jo gesot, ech soll se önnert den Dösch setzen.

J. Eulalie (beto'nt): Joffer.

Sophie: Önnert den Dösch, Joffer.

J. Eulalie: Setz se önnert d'Tas, mei Kand. ('T geschitt.) Botz se iéwel zum e'schten e bössen af.

Sophie (botzt se mam Rack af): 'T gët neischt iwer d'Proprete't. ('T gött geschellt.)

J. Eulalie: Ge' d'Dir opmâche, mei Kand, an da fe'ers de de' Herrschaften eran. (D'Sophie rechts af. D'Eulalie lauschtet.) 'T sin se allen zwè.

## 4. Zén.

Eulalie, Madame Pe'terse'leg, hir Duochter Fina. — Spe'der d'Sophie.

M. Pe'terse'leg (op d'Visite geklèdt): Bonjour, Joffer Cor nichoung.

J. Fina (löschtig): Bonjour, bonjour, Joffer Eulalie.

J. Eulalie: Wöllkomm, hiérzlech wöllkomm, dir gudd Nopeschen. Endlech huot et sech geschéckt, dat mer emol e klengen Te' halen.

M. Pe'terse'leg: Mei Mann huot gesot ...

J. Eulalie: Ech gin iéch è coup de main, fir iéch e we'neg ze débarasse'eren. (Riff.) Sophie! (D'Sophie trölt an.) Hei huol dénen Damen hir Hitt, d'Mäntel an d'Pelzer, an dann hänks de alles gudd op. Dât sin deier Sâchen.

M. Pe'terse'leg: 'T kann drop uocht gin. Mais ech hun iéwer mei bescht Klèd net ugedunn, aus der Ursâch hei...

J. Eulalie: We' hun ech no iéch verlängert. 'T ass ewell eso' lâng, dat ech iéch eso' gèr invite'ert hätt...

M. Pe'terse'leg: Ech hu guor net verlängert. Wann è séng Arbecht huot de ganzen Dâg, dann huot è keng Zeit fir ze verlängerken.

J. Eulalie (luos zum Publikum): Wat eng! (Hârt.) An 't huot sech ömmer net geschéckt. Ech hat par exemple e ganze Mont kë Médchen.

M. Pe'terse'leg: 'T ass nach kë Médche mir fortgelaf. Mei Mann sét ömmer: Liss, bezuol déng Méderche gudd, da behâls de se lâng.

J. Eulalie (luos): Wat e Flappes! (Hârt.) Huolt iéch Plätz, dir Damen. (Weist en de' frei Plätz virum Dösch un.) An elo huot et sech eso' gudd geschéckt, gelt. 'T ass curieux, dat mir zwo' Nopeschen zwè Médercher aus dém selwegen Haus kritt hun. (Riff.) Sophie, deck den Dösch férdeg. (D'Sophie gët an an aus, bréngt Kuch, Gebäck asw.)

*M. Pe'terse'leg:* Maia. Se sin allen zwê vun der Domenéks-millen, halen ech. Mei Mann huot gesot, elo wäre mir zwo' Nopeschen ewe' familje matenén.

*J. Eulalie (luos):* Wat e Kompliment! (*Hârt.*) Madame Pe'terse'leg, dir kommt aus enger klassescher Atmosphär. E Professer ass jo de' verkérpert Wössenschäft. Do muss dach eng Fra glécklech sin...

*M. Pe'terse'leg:* Hire Lo'hn ass liéwer werreg kleng. Wa mer dohèm e Kallef verkäft hun, dann hu mer me' gewonnen, we' wa bei Mann sech eng ganz Woch mat déne Schwei-studente kujene'ert.

*J. Eulalie:* An d'Joffer Fina, de' mécht iéch elauter Ples'er. De' huot hire Numm net gestuol. Sie ass effectivement fein an hire Mane'eren an ...

*J. Fina:* Joffer Eulalie. Dir mengt et zevill gudd.

*M. Pe'terse'leg:* Hal dei Mond zo', du dommt Stéck, a wârd bis dass de gefrot göss. — Mer haten et solle Kätt nennen, well Kätt a Liss, dat sin zwe'n al Nimm aus onser Familjen. Méng Mamm hun se Leisse genannt, well hir Mamm Liss an hir Schwester Elise gehéscht huot. A we' mer hatt kritt hun, du hate mer grad onst alt Médchen, wât Kätt gehéscht huot. Du sot bei Mann: Dann nenne mer d'Kand Liss. An du hu mer et Fina genannt aus der Ursâch, well ech ewell Liss hêschten. (*D'Sophie dre't den Te' op.*)

*Eulalie:* Ech gesinn, dat d'Sophie ons den Te' bréngt. Huolt iéch Plätz um Dösch, dir Damen. Madame Pe'terse'leg, setzt iéch an d'Mött hannert den Dösch.

*M. Pe'terse'leg:* Nén, dât ass méng Plätz net aus der Ursâch hei: Mei Mann setzt dohèm ömmer an der Mött an ech rechts vun him. (*Setzt sech rechts.*)

*J. Eulalie:* Joffer Fina, da mächt dir ons de' Ples'er, a setzt dir iéch an d'Mött. (*D'Fina mécht et.*)

*M. Pe'terse'leg:* Géss du eraf do, du frecht Döppen do, dât ass der Joffer Eulalie hir Plätz.. (*D'Fina réckt lénks, d'Eulalie gët an d'Mött. D'Sophie zerve'ert den Te' an d'Möllech a stellt sech an den Eck rechts vun der Bühn.*)

*J. Eulalie:* Zerve'ert iéch, Madame Pe'terse'leg. Huolt iéch Kuch an da lösst der iéch et gudd schmâchen. We' ass et mam Te'?

*M. Pe'terse'leg:* Ech si kë gro'sse Frönd vum Te'. Gemenk-lech drénke mer dohèm Kaffee, an owes hu mer gedömpft Grönperen. Wann de' op den Dösch kommen, dann öst bei Mann dat e keimt.

*J. Eulalie (luos):* Wat eng Riéd! (*Hârt.*) An d'Joffer Fina wèrd fro' sin dat se aus der Pensio'n eraus ass. Mais dât war tout de même eng sche'n Zeit. Do konnten se ganz an der Literatur liéwen an zugleich è gesonne Sport mâchen. — Ons letzebürguer Literatur gött och ewell vun Dâg zu Dâg me' reich.

*M. Pe'terse'leg:* Blech! Pure Schwindel! So' sét bei Mann. An zwar aus der Ursâch hei ...

*J. Eulalie:* Sophie, schödd wârmen Te' no.

*M. Pe'terse'leg:* Dat èn d'Feier eraus schmâcht. So' hun ech e gér. We' hêschte et am Lied vum der Glocke:  
«Wohltätig ist des Feuers Macht,  
Wenn sie der Mensch bezähmt, bewacht.»

*J. Eulalie:* Ass dât vum Schiller?

*M. Pe'terse'leg:* Dât ass aus dem «Lied von der Glocke» vum Schiller. Huot d'letzebürguer Sprôch eso' èppes opzeweisen? Bei Mann sét eso': «D'Letzebürgesch ass iwerhâpt keng Sprôch. 'T ass e Gemösch vu schlechtem Deitsch a falschem Franz'e'sch.»

*J. Eulalie (stèt erregt op):* Ons Sprôch ass de präzisesten Ausdruck, de' richtegst an de' rengst Expressio'n vun onsem Denken a Fillen. Huot d'Sprôch vum Schiller èppes opzeweisen ewe' par exemple «D'Piérle vum Da?» (*D'Fina stèt lénks, d'Sophie rechts op d'Bühn.*)

*M. Pe'terse'leg (ejfreg):* A wât ass ze vergleiche mat dem «Lied von der Glocke?» (*Se deklame'ert ganz aus dem Buch, hârt a mat ville Gesten.*)

Festgemauert in der Erden  
Steht die Form aus Lehm gebrannt.  
Heute muss die Glocke werden!  
Frisch, Gesellen, seid zur Hand!

Von der Stirne heiss,  
Rinnen muss der Schweiss,  
Soll das Werk den Meister loben;  
Doch der Segen kommt von oben.

Zum Werke, das wir ernst bereiten,  
Geziemt sich wohl ein ernstes Wort;  
Wenn gute Reden sie begleiten,  
Dann fliest die Arbeit munter fort.  
So lasst uns jetzt mit Fleiss betrachten,  
Was durch die schwache Kraft entspringt;  
Den schlechten Mann muss man verachten,  
Der nie bedacht, was er vollbringt.  
Das ist's ja, was den Menschen zieret,  
Und dazu ward ihm der Verstand,  
Dass er im innern Herzen spüret,  
Was er erschafft mit seiner Hand.

J. Eulalie (*séngt, während dat d'Madame Pe'terse'leg deklame'ert, me'glechst hârt a mat ville Gester*):

D'Piérle vum Da dât sin déng Diamanten,  
D'Blummen um Feld, de' sin dein Hochzeitsklèd.  
An d'Nuochtegailercher, dât sin déng Musikanten,  
An dein treit Hiérz ass méng Gléckse'legkèt.

M. Pe'terse'leg: Wât ass ze vergleiche mat der Feuersbrunst  
aus der «Glocke»? Fina hellef dénger Mamm.

J. Eulalie: An huot de Schiller eppes opzeweisen ass we'  
p. exemple: «Et wor emol e Kanone'er»?

M. Pe'terse'leg (*deklame'ert eifreg, so'lâng bis dat d'Eulalie  
mat hirem Sange vum Kanone'er ferdig ass*):

Wohltätig ist des Feuers Macht,  
Wenn Sie der Mensch bezähmit, bewacht.  
Und was er bildet, was er schafft,  
Das dankt er dieser Himmelskraft;  
Doch furchtbar wird die Himmelskraft,  
Wenn sie der Fessel sich entrafft,  
Einhertritt auf der eignen Spur  
Die freie Tochter der Natur.  
Wehe, wenn sie losgelassen,  
Wachsend ohne Widerstand

Durch die volksbelebten Gassen  
Wälzt den ungeheuren Brand!  
Denn die Elemente hassen  
Das Gebild der Menschenhand.  
Aus der Wolke  
Quillt der Segen,  
Strömt der Regen;  
Aus der Wolke, ohne Wahl,  
Zuckt der Strahl.  
Hört ihr's wimmern hoch vom Turm?  
Das ist Sturm!  
Rot, wie Blut,  
Ist der Himmel;  
Das ist nicht des Tages Glut!  
Welch Getümmel!  
Strassen auf!  
Dampf wallt auf!

J. Eulalie (*séngt, während d'Madame Pe'terse'leg deklame'ert, recht hârt*):

Et wor emol e Kanone'er;  
E luog do uowen op der Ruom.  
Me' sche' wor nach kè Grenade'er,  
A Gottlieb Hurra wor sein Nuom.  
Mir zwè mir sollten ons bestuoden,  
Mais, fir ons allebèd ze schuoden,  
Hun d'Leid gesot, e wär voll Schold,  
An du hun ech dommt Stéck net wollt.

(*Fest a feierlech.*) Den Dicks, dât ass moi Mann.

Sophie (*luos*): Kuckelei. Ech hun emmer eppes gezweiwelt.  
A, — si ass bestuodt! Fort vun hirem Mann.

M. Pe'terse'leg: An den Hèr Pe'terse'leg ass mein. (*Se  
setzen sech erem un den Dösch.*)

J. Eulalie: Lôsse mir ons erem setzen. Mer könne jo an aller  
Ro' despete'eren. Huolt iech nach eng Tas Te'. (*D'Sophie  
zerwe'ert.*) Eng Häptfro, de' mech interesse'ert, Madame  
Pe'terse'leg. Wât sitt der gesönnt, aus der Joffer Fina ze  
mâchen?

M. Pe'terse'leg: Dât selwegt wât ech sin.

J. Eulalie: We' mengt der dât?

M. Pe'terse'leg: Et gött eng Hausfra. Domat basta!

J. Eulalie: Ass dât hire Goût?

M. Pe'terse'leg: Hei ass sech neischt ze goût-en.

J. Eulalie: Wât sét dann d'Joffer Fina duorzo'?

M. Pe'terse'leg: Hat huot neischt ze soon.

J. Eulalie: 'T ass schuod fir dât sche'nt Talent. Der huot hautzedâgs superbe Karrière fir Damen, de' stode'ere wöllen, par exemple, Professer.

M. Pe'terse'leg: Blech!

J. Eulalie: Oder Dokter.

M. Pe'terse'leg: Schwindel.

J. Eulalie: Oder Affekot.

M. Pe'terse'leg: Afenéfalt.

J. Eulalie: Madame Pe'terse'leg. Dir schwätzt ganz gént d'Wössenschâft an trotzdem huot der iéch e gele'erte Mann geholl.

M. Pe'terse'leg: Mais mei Mann huot sech eng Fra geholl, vun dér de Schiller am «Lied von der Glocke» sét:

Und drinnen walitet

Die züchtige Hausfrau,

Die Mutter der Kinder,

Und herrschet weise im häuslichen Kreise.

J. Eulalie: Also d'Fina bestuod sech.

M. Pe'terse'leg: Dât woll ech net behâpten. We' sét de Schiller weider?

Der Wahn ist kurz;

Die Reu ist lang.

Drum prüfe wer sich ewig bindet,

Ob sich das Herz zum Herzen findet.

('T schle't 4 Auer. — Se spréngt op.) Mei Mann huot gesot, mer sollen em 4 Auer doliém sin.

J. Eulalie: Sitt der dann effectivement eso' presse'ert?

M. Pe'terse'leg: Jo, aus dér Ursâch hei ...

J. Eulalie: Sophie, bréng alles erbei. — Der huot mer vill Frèd gemâcht, dat der bei mech ko'mt mat èrer charmanter Joffer Fina. (Se dunn sech un a schrécken op d'Dir zo').

M. Pe'terse'leg (deklame'ert): Holder Friede, süsse Eintracht

Weilet, weilet freundlich über dieser Stadt.

Au revoir, Joffer Cornichong.

J. Eulalie (an der Dir): Au revoir, Madame. Au revoir, Joffer Fina. (An der Mött.) Gott sei Dank, dat dè Bleil aus dem Haus ass. Elo huot de Schiller recht:

Nach der lieben Heimathütte  
Blöckend ziehen heim die Schafe.

Du arent Fina! (Riffit.) Sophie, komm den Dösch afraumen. Ech gi méng Blouse nach change'eren. (Rechts af.)

## 5. Zén.

No enger kürzer Paus könnt d'Sophie vu rechts eran. Et ass ugedunn fir fortzegon, den Hutt om Kapp, d'Valise an enger, de Prabele' an der aner Hand.

Sophie (riffit): Eddi, Joffer! — (Schwätzt.) Hei, an desem Haus, bleiwen ech kén Dâg a keng Stonn me'. — Dât ass fir mech e Rätselhaus. Wât ass sie ègentlech, eng Joffer, eng Madame oder eng geschèdte Fra?

Ech hun ömmer musse Joffer soen. 'T stömmmt, Joffer; 'T ass gudd, Joffer. Dât war e Gejoffers an e Gejoffers unni Enn.

An elo, wo' se am Eifer war, könnt et eraus (lächt brèd): Den Dicks dât ass mei Mann.

Den Dicks dât ass mei Mann. Wât héscht dât? Wât huot sie ze dicksen? Ass dât mei Koséng Pir vum Dicks? Et wär me'glech, well e kennt all Fraleid am Land. Mais ech mengen, e flèt op de' al Tut — Wè wéss?

Nun. 'T könnt och en aneren Dicks sin. Et gött vleicht nach Dicksen am Land. Mais dann ass et me' schlömm. Dann ass se eng geschèdte Fra an se gött sech fir eng Joffer aus. Op alle Fall ass hei ménges Bleiwas net. 'T könnt èn hei an eng Onggeléenhèt kommen. Duofir son ech dât hei: Hei gêss de fort a besser en Dâg ze fre' ass we' en Dâg ze spe'd. Dât war haut mein e'schten, iéwer och mei leschten Te'.

J. Eulalie (könnnt vu rechts. Se bekuckt d'Sophie.)

Sophie: Jo, dir könnnt kucken.

J. Eulalie: Wât hêschd dât? Gêss du op eng Hochzeit?

Sophie: Wât dât hêschd? Dât hêschd, ech ginn haut fort. A wann ech op eng Hochzeit ginn, da ginn ech op eng e'erbar Hochzeit. Net op d'Hochzeit vun enger Perso'n, de' sech Joffer nennt, a wê wêss wât se ass?

J. Eulalie: Ech si paff.

Sophie: Ah, dir sitt paff? Ech war och paff, we' ech allerlî Sâchen hei he'er'en hun. An elo son ech iéch eddi. — Elo ginn ech direkt no Pontemosseleng mer eng Plätz sichen. A wann ech keng zu Pöntemosseleng fannen, da ginn ech no Rêss. A wann ech och keng gudd zu Rêss fannen, da kommen ech erem no Monsieur Marting bei méng Matant.

J. Eulalie: 'T ass jo fir haut ze spe'd. Du kriss jo haut kèn Zug me'.

Sophie: Da kre'en ech muor èn. Ech ginn den Owend bei méng Matant an de Pâffendal, an muor onsem Anna eddi son an dann: (*Firt sech mam Fanger önnert der Nuos dûrch.*) Allez, hopp, en route!

J. Eulalie: Se'f dach verstänneg, Sophie.

Sophie: Verstänneg! — Sitt *dir* emol verstänneg. — 'T ass gudd. — Elo ginn ech. Besser ze fre' ewe' ze spe'd. Eddi. (*Fort.*)

J. Eulalie (*a Gedanken*): Eddi! — (*Fir sech.*) Ass dât aus dem Still? — Huot *hatt* de Kapp verluor oder *ech*?

RIDEAU.



## II. Akt.

*A Pe'terse'legs hirer Stuff. Eng Dir rechts an eng lénks. Am Fong stèt e Kanapee, driwer hänkt e Bild. E klengen Dösche stèt an der Mött, e puor Still ronderem.*

### 1. Zén.

*D'Madame Pe'terse'leg, einfach geklèdt, fir'te'scht Hanneno könnnt d'Anna am Hausklèd vun enger Mod.*

*M. Pe'terse'leg (gét erregt op an aj): Wât soll geschitt sin? — Elo huot d'Bäckesch mer grad telephone'ert, op dât onst Médche wär. Jé!*

Huos d'eng Mod,  
Da bass de geplot.

*(Se setzt sech.) Ech wosst net, wât mer féle ge'f, eso' läng we' d'Kätt bei ons war. We' de' Zeit eremgét. «Die Jahre fliehen pfeilgeschwind», sét de Schiller. We' mer onst Fina kritt hun, du ko'm d'Kätt bei ons, als jongt Médchen. An elo ass d'Kätt bestuodt, an d'Fina ass siewenzéng Johr al. D'ass d'Liéwen.*

Ech hat nawell gemengt, dât Anna wär e brauchbart Médchen. We'negstens séng Schwester do iwer bei der Joffer Eulalie schéngt emol ganz verstänneg ze sin. Nun, 't kann nach eppes le'er'en. Wann d'Leid alles wössten, da breichte keng Professeren do ze sin. (*Se lauschtert.*) Elo könnnt et.

*Anna (könnnt vu rechts eran, zwè Bro't önnert dem Arem. Et huot bal kèn Otem): Wât war dât eng Arbécht fir dât hongregt Bro't ze kre'en. (Lét d'Bro't verdrösslech op den Dösche.)*

*M. Pe'terse'leg:* Wuofir dann?

*Anna:* 'T mengt è grad 't ging èn hëschchen, eso' e Gedéngs war dât.

*M. Pe'terse'leg:* So'?

*Anna:* Dât wor e Gesos a Gefros, an eng Aberzuolegen unni Enn.

*M. Pe'terse'leg:* Wè war dann am Buték?

*Anna:* Mais sie, d'Bäckesch.

*M. Pe'terse'leg:* Wât huot se da gefrot?

*Anna:* Wât ech gèr hätt. — Mais, sot ech, ech hätt gèr Bro't. — 'T ass fir ze lâchen. Se hu weider neischt am Buték ewe' Bro't. Do wo'sst se jo, dat ech keng Flönt kafe ke'm.

*M. Pe'terse'leg:* Domat wollt sie froen, wievill Pond dass de gèr häss.

*Anna:* Wât wëss ech, wievill Pond. E Bro't ass schwe'er, dât anert me' licht.

*M. Pe'terse'leg:* Du häss sollen einfach soen, zwè Bro't fir ons.

*Anna:* Dât hun ech gesot. Du huot d'Bäckesch gesot, se ging iéch net kennen. Sie wösst net, wè Pe'tesch wären. (*M. Pe'terse'leg lächt.*) Am Enn huot se och gelächt an du sot se: «Ah, elo gèt mer e Lícht op,» du gung se bei eso' eng ve'ereckeg Köscht, de' un der Mauer hänkt, dre't un enger Kirep an du huot se <doera geschwat. An du krut ech mei Bro't.

*M. Pe'terse'leg:* Elo verstinn ech d'ganz Sâch. 'T ass net eso' schlömm. Gelt, Anna, hei ass déng e'scht Plätz. Du wars nach net weider eraus.

*Anna:* Dach. Ech war âcht Dég zu Esch an der Villa Flo'.

*M. Pe'terse'leg (lächlt):* Wo' wars de?

*Anna:* Zu Esch an der Villa Flo'.

*M. Pe'terse'leg:* Do huos de net gele'ert, fir Kommissio'nен ze mächen. Wëss de wât? De' aner Ke'er gèt et besser. Ech weisen dech elo, we's de bei de Bäcker goe solls. Denk der, ech wär d'Bäckesch an da könns de eran, Bro't kafen. Nu ge' emol aus an da könns de eran an de Buték. (*D'Anna gèt aus a könnt erem eran.*) Nu gre'ss sche'n.

*Anna:* Bonjour, Madame Pe'ter.

*M. Pe'terse'leg:* Elo huos de zwe' Féler gemâcht, Anna. E'schtens, ech hësche Madame Pe'terse'leg.

*Anna:* Madame Pe'terse'leg. Aha. — Onst Sophie hât mir gesot, dir wärt d'Madame Pe'ter. Duofir huot d'Bäckesch mech och sécher net verstanen, we' ech gesot hun, d'Bro't wär fir Pe'tesch. Ech hätt musse soe fir Pe'terse'lches.

*M. Pe'terse'leg:* Fir d'Madame Pe'terse'leg. — An zwètens, denk der, ech wär d'Madame Bäcker an da sés de, wanns de era könns: Bonjour, Madame Bäcker. Nu ge' aus an da könns de erem an da gre'ss de sche'n.

*Anna (gèt aus, könnt eran a gre'sst):* Bonjour, Madame Bäcker.

*M. Pe'terse'leg:* Dât war gudd. Nu fuor virun.

*Anna:* Gött mer Bro't fir d'Pe'terse'legs.

*M. Pe'terse'leg:* Elo huos de erem drei Féler gemâcht. Fir 'te'scht muss de soen: «Gött mer zwè Bro't». So mer emol no.

*Anna:* Gött mer zwè Bro't.

*M. Pe'terse'leg:* Fir 't zwèt muss de soen: «Wann et iéch glifft.» — Nu so mer dât och no.

*Anna:* Gött mer zwè Bro't wann et iéch glifft.

*M. Pe'terse'leg:* Fir 't drött muss de këmol soen: «d'Pe'terse'legs». Du muss ömmer soen: «D'Madame Pe'terse'leg». — Nu so mer de ganze Sâtz no.

*Anna:* Gött mer zwè Bro't wann et iéch glifft fir d'Madame Pe'terse'leg.

*M. Pe'terse'leg:* Eso' ass et ganz gudd, Anna. Eso' muss de iéwer ganz genä soen, wanns de nanke'er Bro't kafe gëss, da kriss du schons Bro't. — Nu ge' aus, dann hölls de de Biésem an da kehrs de virun der vîschter Dir. (*Anna rechts af. Fir sech.*) De aner Ke'er wèrd hatt seng Sâch schons gudd mächen.

Eng Onz Gedold errêcht vill me'  
Ass we' e ganzen Zenner Schle'.

## 2. Zén.

D'Madame Pe'terse'leg. — Spe'der d'Anna.

M. Pe'terse'leg (wöllt lénks ausgoen, do geseit se e Blâd Papeier bei der Dir om Buodem leien): Wât leit do? (Hiéft et op a kuckt.) Wât ass dât? (Se liést luos.) E Sonndeg no der Vesper Ball. Net félen. Gudd Schong undunn. Vivat d'Frèd. A. O. S.

Vu wém soll dât sin? 'T mengt èn, 't wär eng Fraleids-schröft. Se gleicht dem Fina sénger. Hatt huot dât net geschriwen, aus der Ursâch hei, et schreist nömmme franz'e'sesch an deitsch. An zwètens, 't kann net danzen. 'T war nach op kengem Bal.

Also wär de' Invitatio'n fir d'Médchen, fir d'Anna. E Sonndeg no der Vesper Ball. — Do hu mer et. Duofir hun se gér de ganze Sonndeg Möttag frei. An hanneno kritt èn Zortessen vun den Eltern dat èn se goe gelöss huot. Wât soll èn nu mâchen? Lössen ech et goen, dann ass et bei den Ale gefélt. Son ech: «Du bleifs hei», dann ass et bei him hannen a vir net geroden. Dât ass eppes mat déin jonge Gezei. Hätte mer d'Kätt erem, dann hätt èn alli de' Kujenate net.

Gudd Schong undunn! — Keng Bauereschong, dat se net zevill'tuppen.

Vivat d'Frèd! — An owes spe'd erèm an de Borscht dann nach mat an d'Kiche bréngen. Dât wär de Cottong. — An den aneren Dâg gött da nafrlech gesot, — 't huot èn dér uoreger Zonge jo genug, — onst Fina wär em Hallefnuocht erèmkommen.

A. O. S. Wât sollen de' drei Bustafen nach hèschien. Dât ka vleicht de Numm vun dem Schreiwer sin. A. Albert, August, Arthur; — O. eso' kennen ech kén; — S. och net.

'T könnt och vleicht eso' e Sproch sin, we' se der an de Vereiner hun. A. Alles; O. oder. Alles oder nichts. Dât stönnmt net mam S.

We' schreift hat sech eigentlech? Schwiéwelspo'n. Mais dât klappt. A, Anna. O, nach ongefee'r e Virnumm. Eso' ass et. Kuck, do ass d'Fraleidsschröft. Hatt huot dât geschriwen. Dât hätt ech wîrlich net geduocht. Dât

nennt èn op deitsch «Die Unschuld vom Lande». 'T ass grad we' mei Mann ömmer sét: Se stellen sech we' en hellger Engel, an dobei sin se me' schlecht we' der Deiwei.

Wât nu mâchen? Selbstverständlech muss et fort. Fort aus dem Haus! Bis haut hâte mir en e'erbare Numm, an an desem Fall stèt och dem Fina sei gudde Numm am Spill.

Et muss fort. Hei gött net gefrot: Wölls de oder wölls de net? Et wèrd kreischen an sech verstellen an aflengnen. 'T kennt dât jo aus dem ff.

Et huot èt gemengt, 't hätt nawell gudd Naupen. Mais eso' eng raffine'ert Heichlerin. Wè wêss, wo' a we' lâng dat dât sech an der Städt eremgedriwen huot ir et sech hei gemeldt huot. (Se rifft.) Anna!

Anna (trölt a mam Biésem an der Hand): Wât glifft?

M. Pe'terse'leg: Ma dei Pâck!

Anna: Mei Pâck? Wuofir?

M. Pe'terse'leg: Kenns de dè Bre'f hei?

Anna: Nén.

M. Pe'terse'leg: Nén? — Kuck, wat e Pharisaiergesicht! Du kenns iéwer d'Spréchwoord «E junge Ligner en alen De'f.» — Fläss de d'Wo'erecht elo agestanen, dann hättie mer nach matenè geschwat. Mais elo si mir zwè geschèdt.

Anna: Bong. — Da man ech mei Pâck. En ass hûrtig gemacht, well de' Geschenker an de' Drénkgelder, de' ech hei kritt hun, de' weie net schwe'er. (Rechts af.)

M. Pe'terse'leg (fir sech): An elo. — Eleng kann ech net bleiwen. Ech muss mech direkt no engem anere Médchen emsinn.

An de' Blamage bei der Joffer Eulalie. Elo wèrd de' hèmlech lâchen. Mais besser de Spott ewe' de Schuod. — Wann d'Fina elo erem könnt, wât wèrd dât Ae mâchen! (Lénks af.)

## 3. Zén.

D'Anna könnt vu rechts eran, den Hutt om Kapp, d'Valise an der rechter an de Prabele' an der lénker Hand. — Hanneno d'Sophie.

*Anna: Aha! — Se huot sech durch d'Peif gemächt. Ech hätt er elo nach eddi gesot an dann hätt ech er d'Lignesch ugehângen. — En eso' onschölleg — 't wêss èn net wuofir — vun enger Stonn op de' aner op d'Strôss ze werfen. Eso' behandelt è jo kén Hond! — Do stécht eppes aneschter derhannert. Dât könnnt nach eng Ke'er un d'Licht. Lauschter. Elo könnnt se erem. Nu wârd. (Stellt sech a Kampfpositur. 'T gött un d'Dir geklappt.) Herein!*

*Sophie (vu rechts eran, och den Hutt um Kapp; d'Valise an der rechter an de Prabele' an der lénker Hand. — Se bekucken sech allenzwè): Wât ass dât?*

*Anna: Wât dât ass? Ech gi fort. — A wât hêschte dât?*

*Sophie: Ech ginn och fort. An ech wollt dir eddi soe kommen.*

*Anna: An ech wollt dir eddi soe kommen.*

*Sophie: Wuofir gêss du da fort?*

*Anna: Wuofir? D'Pe'terse'legs sot elo virun enger Ve'erel-stonn: Ma dei Pâck!*

*Sophie: Wuofir dann?*

*Anna: Wuofir? Fro mech net. Ech wêss et net. Se rifft mech eran. Se huot e Bre'f an der Hand a frét: Kenns de dè Bre'f? Ech sot nèn. — Well ech wosst eso'vill vun engem Bre'f we' e Schne'männcie vun enger Brandstoftong.*

*Sophie: Wât stung dann am Bre'f?*

*Anna: Wât stung dran. Ech soe jo: Fro mech net, well ech wêss neischt. — Du sot se: Ma dei Pâck. Ech hätt er gèr eppes aneschter gesot. Ech duocht: Jo, ech mache moi Pâck an ech ginn, well 't bleift nach Pâck genug hei. — Elo ginn ech direkt no Pontemosseleng. — A wuofir gêss du da fort?*

*Sophie: Wuofir? Dât wöll ech der soen. An dém Haus könnnt ech kén Dâg me' bleiwen. Dât ass gént moi Gemidd.*

*Anna: O'?*

*Sophie: Ja.*

*Anna: So'?*

*Sophie: Ja, Anna. — Dât ass en Haus ewe' e Rätsel. Sie nennt sech Joffer, an, 't gött èn net gescheid derhannert, ob se bestuodt ass oder geschèdt vun hirem Mann. Geschter sot se jo op èmol am Eifer, den Dicks wär hire Mann.*

*Anna: Ass dât d'Ursâch, dass de fort gêss?*

*Sophie: Dât ass d'Ursâch.*

*Anna: Sophie, soll ech der eppes soen?*

*Sophie: Ja.*

*Anna: Du bass e Geck. — Soss huot et ömmer gehêschte, du häss eso' eng gudd Plätz, an do läfs de fort wént enger Domhèt. — A wât gêt dât dech un, ob sie Joffer ass oder bestuodt oder geschèdt? Wârs du âcht Dég bei mir zu Esch an der Villa Flo' gewésst, da wären de' delekat Naupen dir vergângten.*

*Sophie: Mais da ge' du bei d'Madame Dicks.*

*Anna: Ech? — Mais dât wär nach net all Deiwl geflucht. Ech gin elo direkt. Dann hun ech eng gudd Plätz, an da kanns du no Pontemosseleng goen. Wêss de wât? Pontemosseleng ass hûrteg gesot. Mais ech menge, do sin och me' Méderchen ewe' Plâtzen.*

*Sophie: Wann ech mech dann hér bei d'Pe'terse'legs melde ge'f?*

*Anna: Dât sin dénger Sâchen. Elo wêss de, we' et ass. Eng kleng Probe'er ass dacks besser ewe' eng läng Le'er.*

*Sophie: 'T wär emol ze probe'eren.*

*Anna: A wann et der da gefale ge'f, wär et der dann iéscht fir ze bleiwen?*

*Sophie: Ganz iéscht.*

*Anna: Dann hei, e Bre'f vum Pir. (Gött em en.)*

*Sophie (fro'h): Vum Pir, vum Dicks?*

*Anna: Ech hun der en nömmre ginn, wells de net gleich fortläfs.*

*Sophie (liest hârt): Liebe Sophie! Ich ergreife die Feder, um dir zu wissen zu tun, dass ich noch bei guter Gesundheit bin, was ich auch von dir hoffe. Meine Mutter hat gesagt: Pir, du kanns dich bestaden. Und das wollte ich dir schreiben; dass wir uns nun bestaden, wenn du aus dem Dienst kommst. Aber ich bin ja dein Koséng, so sagt euer Anna immer. Das ist Wurscht. Ich habe mit dem Pastor darüber die Rede gehabt, und der hat gesagt, wir bekämen die Gespenst. Wie du siehst*

bin ich im Schreiben nicht so daheim wie im Schwätzen. Und das ist auch Wurscht. Und du weisst, dass ich dich nicht hole fir deine paar Souen, weil ich kaufe mir keine Frau. Ich hole dich, weil du ein zergutzeregtes Mädchen bist.

Auf dem andern Markt komme ich in die Stadt und wenn wir in der Zeit schlachten, bringe ich dir eine Treip mit.  
Dein ewig liebender Pir und Koséng vom Dicks.

*Anna:* Wât sés de ewell?

*Sophie:* Dât mécht mer Ples'er. Mais virläfeg bleiwen ech hei, wann d'Pe'tesch mech unhöllt.

*Anna:* D'Madame Pe'terse'leg.

*Sophie:* D'Madame Pe'terse'leg.

*Anna:* Dât hei son ech der: e'schtens, du muss këmol soen d'Pe'terse'legs, mais ömmer d'Madame Pe'terse'leg, an zwëtens, wanns de Bro't kafe gëss, da muss de ömmer soen: «Gött mer zwè Bro't, wann et iéch gliift, fir d'Madame Pe'terse'leg.» (*Lauschtert.*) Elo könnnt se erem. Hürteg eweg!

*Sophie:* Da gëss du direkt iwer dech melden bei d'Madame Dicks, — an ech ginn aus schellen fir mech hei ze melden. (*Allzwè rechts af.*)

#### 4. Zén.

D'Madame Pe'terse'leg könnnt vu lénks eran. — Spe'der d'Sophie vu rechts.

*M. Pe'terse'leg:* 'T huot è weider nelscht ewe' Verdrösslech-kète mat déne Méd. A wât èn et besser mengt, wât è me' Verdröss kritt. — Wè vun ons zwè ass nun am mëschte bekläckt, hatt oder ech? — Well unni Médche kann ech net fuoren. — Wât nun?

(*T schellt.*) Ech sin net opgeluogt, fir èn elo ze empänken. Ech sin zevill nervös, an all Abléck kann d'Médche kommen, fir eddi ze soen. — Da gött et vleicht nach Kame'de', an dât huot è bei de friéme Leide net gèr. Nèn, elo könnnt de Besuch mer net giédlech.

(*T schellt fir 't zwèt.*) Ech muss trotzdem opmâchen.

Nun, ech kann de Besuch vleicht an der Dir affèrdegen oder eriwer a méngem Mann sei Büro fe'eren. (*T klappt.*) Herein!

*Sophie (trölt an):* Bonjour, Madame Pe'ter, — Pe'terse'leg.

*M. Pe'terse'leg (ganz paff gët e Schrött hannerzeg):* Bonjour! Wè gesinn ech?

*Sophie:* Jo. 'T ass richteg. Ech sin et, d'Sophie.

*M. Pe'terse'leg:* Ech hât èr Schwester erwårdt, fir eddi ze son. Wösst dir et ewell? Hatt gët fort.

*Sophie:* Hatt ass fort. An ech komme mech ewell fir op séng Plätz ze melden.

*M. Pe'terse'leg (nach ömmer erstaunt):* Iéwer—dir—sit jo..

*Sophie:* Ech sin och fort.

*M. Pe'terse'leg:* Fort vun der Joffer Eulalie?

*Sophie:* Maia.

*M. Pe'terse'leg:* A wuofir dann? — Se war dach èrer ömmer eso' ganz zefridden.

*Sophie:* Ech hirer och. — Mais ech ginn par Prinzipiipp bei keng Joffer me'.

*M. Pe'terse'leg:* O'! — Wann se sech da bestuode ge'f!

*Sophie:* Dât wär alt ewell eng aner Sâch. — Mais (*me' luos*), net mam Dicks. we' se inengt.

*M. Pe'terse'leg:* A wuofir dann?

*Sophie:* Dât wöll ech iéch soen, Madame Pe'terse'leg. De Pir vum Dicks ass mënger Mamm hire rechte Koséng — (*me' luos*) a mein ale Freier.

*M. Pe'terse'leg:* De' Sâch ass mer e Rätsel. — We' wär et da mam Lo'hñ?

*Sophie:* We' beim Anna.

*M. Pe'terse'leg:* Da wäre mer hürteg èns. Mais zwo' Sâchen de' wöll ech iéch soen, wo'erop dat ech halen: E'schtens, sonndes duorft der mer net danze goen. D'E'er vu mënger Duochter stèt am Spill. — Zwëtens, der duorft unni mi Wösse keng Bre'we schreiwen.

*Sophie:* E'schitens kann ech net danzen an zwètens ge'f ech nach le'wer zwè Haiser an two' Strösse kehren ass we' e Bre'f schreiwen. Ech sin eso: En ziemlech gudden Zongeschlåg, mais eng schwe'er Fiéder.

*M. Pe'terse'leg:* Da kommt, Sophie, ech woll iéch èrt Zömmen weisen. (*All zwè rechts af.*)

## 5. Zén.

*D'Fina könnnt vu rechts. — Spe'der d'Madame Pe'terse'leg an d'Sophie vu rechts.*

*Fina (opgeregt):* Wât hêsch dât? Elo begénen ech d'Anna mat sénger Valise op der Ströss. Soll séng Mamm dolèm krank sin, oder soll et fort goen? Dât wâr domm; dann hätte mer erem Arbécht fir eng Mod ze kre'en. (*Riff tn lénks.*) Mamma!

*M. Pe'terse'leg (könnnt vu rechts):* Hei sin ech, mei Kand.

*Fina:* Elo grad hun ech d'Anna mat sénger Valise op der Ströss begént. Wât hêsch dât?

*M. Pe'terse'leg:* Et ass fort.

*Fina:* Fort? — Dann hu mer jo kè Médche me'?

*M. Pe'terse'leg:* Dach. Mer hun ewell e neit.

*Fina:* Ech fale vum Himmel.

*M. Pe'terse'leg:* 'T wâr besser, du fe'l's dran.

*Fina:* A wo' huos de dann e Médche kritt?

*M. Pe'terse'leg:* D'Sophie vun der Joffer Eulalie ass hei.

*Fina:* Ass d'Joffer Eulalie dann domat zefritten? Daun huot sie jo kengt me'.

*M. Pe'terse'leg:* Ganz zefritten.

*Fina:* We' gung dât da, Mamma? — An eso' streng?

*M. Pe'terse'leg:* D'Anna ass fort. Et huot sech erausgestallt, dat hatt e verlafent Stéck ass. Du sot ech: Ma dei Pâck.

*Fina:* Mamma, huos de dem Anna kèn Onggleich gedunn?

*M. Pe'terse'leg:* Liés dese Bre'f. Dén ass vun him. Do ass séng Önnerschrôft: Anna O Schwiéwspo'n.

*Fina (fânk't u ganz luos ze liesen):* E Sonndeg — no — der Vesper — Ball.

*M. Pe'terse'leg:* Wuofir göss de eso' ro'd am Gesicht?

*Fina:* 'T dèt mer lèd fir dech a fir d'Anna. Göss de net be's, Mamma, wann ech der eppes soen? Do ass e Mössverständnes. (*Luos.*) Wât soll ech mâchen? (*Hârt.*) Du huos dem Anna Onggleich gedunn.

*M. Pe'terse'leg:* Onggleich gedunn?

*Fina:* So, Mamma. Dè Bre'f ass op letzebürgesch geschriwen. Doerop verstèt kèn sech besser ewe' d'Joffer Eulalie. Schéck d'Sophie iwer bei d'Joffer ....

*M. Pe'terse'leg (riff no rechts):* Sophie!

*Fina:* Nèn. Dât gèt dach net gudd, fir d'Sophie ze schécken. Ech lafe selwer. (*Fort no rechts.*)

*M. Pe'terse'leg (fir sech):* E gudd Kand! 'T leid net, dat engem Onggleich geschie'e soll. Dât ass sche'n. Doeran huot et sei Papp geiérf. — 'T sét: Göss de net be's? 'T kann è jo net be's gin iwert eso' e Kand.

*Sophie (könnnt vu rechts):* Der huot mech geruff, Madame Pe'terse'leg.

*M. Pe'terse'leg:* Fir eng Kommissio'n bei d'Joffer Eulalie ze mâchen. — Nun ass d'Fina fort, an du wèrs fro'h sin, dass du net brauss ze goen. D'Joffer Eulalie ass eso' fro'h mam letzebürgeschen. An ech si grad de Contraire. De Schiller ass mei Mann.

*Sophie:* Wèn? Den Hèr Pe'terse'leg ass dach ère Mann.

*M. Pe'terse'leg:* Gewöss, Sophie. — De Schiller, dèn d'«Lied von der Glocke» geschirien huot, de Schiller a séng Sprôch hun ech gér. — 'T ass grad, we' wann d'Joffer Eulalie sét: Den Dicks dât ass mei Mann. Dât hêsch... .

*Sophie (presse'ert):* Wât hêsch dât? (*T klappt. — Fir sech.*) Elo gèt mer e Lîcht op.

## 6. Zén.

*D e' V ire g. — D'Fina könnnt mat der Joffer E u l a l i e.*  
*D'Fina huot e Fussball an der Hand. Hannerun dénen zwè d'An n a.*

*M. Pe'terse'leg:* Do sin se ewell.

J. Eulalie: Bonjour, Madame Pe'terse'leg.

M. Pe'terse'leg: Bonjour, Joffer Eulalie.

J. Fina: Mamma, eng gudd Noricht fir iéch.

M. Pe'terse'leg (paff): — Ah!

J. Fina: Hei ass d'Anna erem. 'T ass onschölleg.

M. Pe'terse'leg: Onschölleg? —

J. Fina: Göss de net be's, Mamma?

J. Eulalie: A sot der net, d'Fina soll sei Mond halen?

M. Pe'terse'leg: Au Contraire. Schwätzt iéch emol aus. Soss verstinn ech jo neischt vun èrem ganze Géméch. — Wât huot der ègentlech, dat der eso' feierlech schwätzt?

J. Fina (deklame'ert): E Sonndeg no der Vesper Ball. (Weist de Fussball.) Hei ass de Ball. — Mamma. D'Anna wêss neischt vun dem Bre'f. Ech hun e geschriwen.

M. Pe'terse'leg: Huos du e geschriwen?

J. Eulalie: An ech hu gehollef.

J. Fina: Ech si Sekretärin vum Fussballverein. Huos de eppes dergént, Mamma, da gin ech eraus, well et leit mer wirklech net vill drun.

M. Pe'terse'leg: Doeriwer könne mer nach schwätzen. Nun, d'Hâptsâch fir haut! — Anna, dann hun ech dir wirklech Onggleich gedunn. Koman erem bei mech als Médchen, da si mer quitt.

Anna: Ech sin averstanen.

Alleguer: Bravo. (D'Madame Pe'terse'leg rîcht dem Anna d'Hand.)

M. Pe'terse'leg: Ech hun och eng gudd Noricht fir d'Joffer Eulalie.

J. Eulalie (virwötzeg): Tiens.

M. Pe'terse'leg: Mat dér Dickserei dât war e Mössverständnes. Et gött, we' ech beim Sophie he'eren hun, nach en Dicks. Also' zwe'n Dicksen: De gro'ssen Dicks an de klengen Dicks.

Sophie: De klengen Dicks, dât ass mei Koséng. A we' d'Joffer gesot huot «Den Dicks dât ass mei Mann», du hun ech de Pir vum Dicks gemengt. (Se lâchen alleguer.)

J. Eulalie: Aha! Du huos de gro'ssen Dicks net kannt, den Dicks, dèn de' sche'n Theaterstécker, «d'Mumm Se's» an d'«Juogd» gemacht huot?

Sophie: Nèn, Joffer. — Op der Domenéksmillen go'f ömmer nömmie vum Pir vum Dicks geschwât.

J. Eulalie: De gro'ssen Dicks ass do'd. An dèn hun ech gèr.

Sophie: An de klengen Dicks liéft nach. — An dèn hun ech gèr.

J. Eulalie: De gro'ssen Dicks, dèn Dicks dât ass mei Mann.

M. Pe'terse'leg: Mais dir sitt net séng Fra.

Sophie (zur J. Eulalie): Ech ke'm dann och erem, — wann et iéch gefe'l.

J. Eulalie: C'est ça. (Se rîcht dem Sophie d'Hand.)

Alleguer: Bravo! Bravissimo!

D'Sophie (séngt no der Weis vun «Et wor emol e Kanone'er»):

Dem Dicks sei sche'ne Kanone'er  
A séng Mumm Se's hun ech net kannt.  
De Kanon- an de Grenade'er  
Mam gro'ssen Dicks, de' si mer Wand.  
De klengen Dicks wollt mech bestuoden, —  
Dir gött op d'Hochzeit ageluoden, —  
Fir d'Geld huot hè mech net gewollt;  
Mein Hiérz ass him me' wert we' Gold.

Zesummen: (D'Sophie wiederhuolt séng Strof.)

Dem Dicks sei sche'ne Kanone'er  
A séng Mumm Se's huot hatt net kannt.  
De Kanon- an de Grenade'er  
Mam gro'ssen Dicks, de' sin him Wand.  
De klengen Dicks wollt hatt bestuoden, —  
Mir gin op d'Hochzeit ageluoden. —  
Fir d'Geld huot hèn hatt net gewollt,  
Sein Hiérz ass him me' wert we' Gold.

RIDEAU.

Enn.